



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet a fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Eis däitsch Noperen hunn an de leschte Jore widderhuel e Réckgang vun der Liewenserwaardung festgestallt. Am Artikel "Warum die Deutschen früher als andere Europäer sterben", deen de 25. Mee 2024 um Zitt vum Deutschlandfunk publizéiert gouf, heescht et ausserdeem, datt däitsch Männer scho vum Alter vu 55 Joer un en erhéichte Stierflechkeetsrisiko opweisen (Frae réischt vum Alter vu 75 Joer un). Den Artikel presentéiert verschidden Erklärungsusätz, wéi eng ënnerschiddlech Ernierung am Verglach zu aneren EU-Staaten, eng ofschléissend Ursaach konnt awer net festgestallt ginn.

Sécherlech kann ee Lëtzebuerg net all Hisiicht mat Däitschland gläichsetzen, vill Strukturen hunn awer e vergläichbare Charakter.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Minister fir Gesondheet a sozial Sécherheet gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Statistik vun de Leit, déi während de Jore vun 1984 bis 2024 virum legale Pensiounsalter vu 65 Joer aus dem Liewe gescheet sinn an absolutten Zuelen entwéckelt huet, an dobäi präziséieren, wéi déi Zuelen am Gesamtverhältnis zu der aktiver Populatioun stoungen?
- 2) Kann d'Madamm Minister am Sënn vun der Fro virdrun d'Opdeelung no den dräi Secteuren (Landwirtschaft, Industrieproduktioun an Déngschtleeschung), souwéi d'Opdeelung no Geschlechter präziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéierten